

LES

# SACRIFIÉS

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force


N° 11 / 1971

11e année

Prix: 8,- frs lux.

Abonnement: 60 frs

**Monument  
National**



Rédaction:  
9, rue du Fort Elisabeth  
Luxembourg





**Tirage 10 000**

### Aus dem Inhalt

Monument National  
 Inauguration um Helleg-Géscht-Plateau.  
 Kieler Häftlingsmordprozeß  
 Protestschreiben  
 Neijohrsgratulationen  
 Avancement de l'âge de la retraite  
 Briefe an die Redaktion  
 Oenner ons  
 Päng

**Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force a.s.b.l**  
 Siège: Luxembourg, 9, rue du Fort Elisabeth — Case postale 2415 Luxembourg-Gare  
 C.C.P. 313-29

Rédaction du bulletin mensuel «Les Sacrifiés», Luxembourg, 9, rue du Fort Elisabeth Case postale 2415 — Luxembourg-Gare

**Service social aux Enrôlés de Force**, 9, rue du Fort Elisabeth, Luxembourg-Gare,


Tél.: 48 32 32

**Fonds d'Action** — C.C.P. 210-49

La Fédération représente:


l'Association des Parents des Déportés Militaires Luxembourgeois, Secrétariat 21, rue du Fossé, Luxembourg, C. C. P.

59-02 ● la Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre 1940-1945, Case postale 382 — Luxembourg-Ville, C. C. P. 286-33 ● l'Amicale des Anciens de Tambow, Secrétariat: Kleinbettingen, 12, rue de la Gare, C.C.P. 240-07 ● l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme, Secrétariat: Luxembourg, 9, rue du Fort Elisabeth Case postale 2415 — Luxembourg Gare, C.C.P. 313-24



Imprimerie Hermann, Luxembourg





## Inauguratioun um Helleg-Gésch-Plateau

«10. Oktober 1971, e Meilestén an der Nationalgeschichte vum Grund-Duché.» Mat déne Wierder, mat dem Saatz haate mir am léschte «Sacrifiés» eisen Text zur Ukönneung vun der Inauguratioun vum Monument National um Kanounenhiwel agelét. Mir hun och elo des Wierder eise Rapport iwer d'Aweihungsfeier vum Monument vieropgestallt, well et eis wichteg genuch erschengt, dat all Enrôlé dese mémorabelen Daag an der Erënnerung behält. Op dem Datum war endlech déi vun eise Forderungen konkret réaliséiert, déi mir zönter eise Retour an d'Hémecht, allen aneren, vieropgestallt haaten, nämlech, e nationalt Monument ze bauen fir eis söllegen gefaalen a vermösst Komerodinnen a Komeroden aus dem léschte Krich. Mat dèr Réalisatioun hu mir, a wuel aner Matbierger mat eis, sech enger Pflichten schuld vis-à-vis vun all déne Letzeburger entlédegt, déi op muncherlé Manéier derzu beigedroen hun, de Fortbestand vun Letzeburg ze garantéieren, an duerfir berét waren hirt Liewen ze gin.

Um Enn vum Opruff un eis Abonnenten haate mir geschriwen: «De Souvenir un all des grouss Letzeburger ass eis helleg!» No dem 10. Oktober 1971 bleiw festzemaal, dat d'Enrolés de Force zu dausenden dem Land vierdémonstréiert hun, dat si nôt vergiés hun; dat si d'Affer vun Hieresgläichen an daat vun allen aneren, opriichtege Letzeburger ze wierdege wössen. D'Undenken un si all, ass den Enrôlés wierkelech helleg!

Et war eis einfach onméiglech all déi vill Leit ze zielen, déi lenks a rieds vum Kanounenhiwel hanner den Ofspérklotüren stongen. «Et hätten der vill méi könne sin!» Esou hu mer verschiddentlech héieren. Zu dèr Zäit, wéi mir eis op der Place-d'Armes zesummefond hun, wäre laang Autoschlaangen an alle Richtungen vun der Stadt an d'Land gefuer. «Waat läit dénen un den doudegen Helden aus dem Krich? Wann et hinnen nômme gudd geht! Vierwaat an ewéissou et hinne gudd geht, daat léisst se kaal!» Och daat hu mer héieren.


Et ass alt haut nôt annecht ewéi et och am Krich war! Iwregens, zu allen Zäiten war et ein-

fach a kamout d'Käschten z'iessen, déi anerer aus dem Feier geholl hun. Daat wier nach nôt daat Schlömmst. Mais all ze vill vergiessen nördreiglech Merci ze soen. An nach méi schlömm; Esou «Matbierger» därf én beileiwe jo nômme nôt op hirt ondankbart Behuelen opmierksam maachen, well soss muss én sech och nach gefaale lossen, dat se engem soen: Déi hätten démols daat jo guer nôt bräichten ze maachen! Et haat jo kén se ugestallt!» A gléwt eis, esou Äusserungen staamen nach nôt emol vun fréire «Gielemännercher». Et ass traureg, mais esou sin nun eben vill Leit. Leider!

Ee Gleck, dat se nôt all esou sin. Wou kéime mer hin? Fir all déi vill, déi eppes iwreg hun fir hir doudeg Komerodinnen a Komeroden an bei der Aweihung vum Monument National den 10. Oktober derbei waren, war et nôt nômme eng déif ömfond Satisfactioun endlech eng Plaatz am Land ze hun, wou all Doudeg aus daischterster Zäit vun Ennerdreckung an Tyrannie op gläichem Niveau gee'ehrt gin, mais et war och d'Gefill, no laangem Hin an Hir e Versprieche ageléisst ze hun, daat én schon virun 25 Joer gin haat, wéi é wäit dobaussen an der Friemd dem gudden a brave Komerod d'Aen zougedreht an en irgendwou an de Budem geluecht huet.

Sélen haat d'Staadt Letzeburg en ähnlecht Mönshenspill gesin. E laange Cortège gong vun der Place-d'Armes erof bei de Kanounenhiwel. Vierop ass en Détachement vun eiser Arméi mat hirem Fändel an d'Militärmusek marschéiert. Hannendrun koumen iwer 50 Fändelen, (39 dervun waren vun eisen Organisatiounen a Sektioenen) an eröm do hannendrun e Mier vu Blumen, Gerben a Kränz, vun dénen der 42 vun der Enrôlés waren. Als Symbol fir déi 3.500 gefaalen a vermöbt Enrôlés de Force hu véier Komeroden e Véiereck gemaach, déen vun engem rout-weis-bloe Rüban oofgegränzt war, a wou an der Mött é klengt Médchen e Bouquet rout Rousen gedroen huet.

Virun dem Kanounenhiwel, op dem elo d'Monument National sech harmonesch an d'Landschaftsbild afügt, gong d'Aweihungszerémonie ponkt véier Auer un, wéi den Grand-



Duc Jean an Grande Duchesse Josephine Charlotte do ukoumen. Zum Ufank huet d'Militärmusek «Trumpet Voluntary» vum Henry Purcell gespillt. Dun huet den Här Joseph Petit,

Excellenzen,  
Dir Dammen an dir Hären,  
Léiw Compatrioten!

Elo stéht et do, ferdeg gebaut, onst nationalt Mounement! Et stéht an dem schéinen an öffentleche Park a Gaard vum Kanounenhiwel, op dem Plateau hei, voll vun aaler Letzeburger Geschichte a Letzeburger Traditioun. Et stéht am Härz vun der Hauptstadt vum Land, a mötten an onsem alldegliche Liewen.

Et héscht «Monument vun der Letzeburger Solidaritéit am 2. Weltkrich». Seng Architektur weist an déi Zäit, an de Krich. Et ass agegruven an den Hiwel, a vun heibaussen gekuckt, erënneren seng Formen un d'Formen vun de Bunker an déne béide Festungslinien, déi am Osten an am Westen onst Land démols ömgin hun.

Bannen huet et en Haff. Dé gleicht engem Prisongshaff. Do liewt d'Welt vun de Konzentratiounslageren, vun de Kasären an de Prisonen nés op, an dénen esou vill vun onsen daapere Compatrioten gelidden hun, a gesturwe sin.— Mais an dem selwechte Beräich, do bannen ass, als Möttelpunkt an als Erfüllung vum Monument, e klengt Hélechtum erricht zu Eeren vun onsen Doudegen, un dénen hir Präsenz e Graawstén, en einfache Fiels-Stén aus dem Letzeburger Hémechts-Buedem, erönnert.

Onst nationalt Monument ass entstanen aus dem Wonsch vun den Resistenzler an den Enrôlés de Force. An hinnen hirem Numm hun ech haut d'Eer, hei ze schwätzen. Si hun et verlaangt a gefuerdert. Et ass entstanen an dem Ament, wou d'Enrôlés de Force an d'Resistenzler d'accord woren, fir sech zesummenzefannen mat Verrieder vun den öffentlechen Autoritéiten, esou wéi den Här Staatsminister Werner hinnen et proposéiert haat.



President vun der Association pour la construction du Monument National am Numm vun der Resistenzler an den Enrôlés de Force folgend Usproch gehaalen:



Du gouv eng Baugesellschaft an d'Liewe geruff, fir déi matériell Réalisatioun. An der Baugesellschaft woren d'Resistenzler vertraueden den durch den Här Fernand Loesch, President vum Conseil National de la Résistance, an dénen Hären Goergen, Raths, Traufler an Alphonse Osch, President vun der Unioun.

D'Fédératioun vun den Enrôlés de Force war vertraueden duerch hire President, den Här Joseph Weirich an dénen Hären Jacob, Renard, Scholer a Welter. Delegéiert vun den Ministären vun den Finanzen, vun den öffentleche Bauten an den Affaires culturelles woren die Hären Francis Weber, Constant Gilliardin an Norbert Weber.

D'Baugesellschaft gouv gegrënnt op d'Initiative vum Staatsminister a mam vollen Averständnes vun alle Memberen vun der Regierung. De Schäfferoot vun der Staat Letzeburg wor dra vertraueden duerch hiren éischte Schäffer, den Här Bollendorf.

Bei dem Concours d'idées, dén önnner de Letzeburger Artisten an Architekten organiséiert gouv, krut de Projet vun den Hären François Gillen a René Mailliet den éischte Preis. Et ass och hire Projet, dén ausgefouert gouv.

D'Bauen bringt ömmer en etlech Suerge mat sech. Wann et sech öm e Monument handelt, stellen sech niewend den couranten, technischen an artistesche Froen och nach aner Problémer vu gedanklechem a symbolesche Charakter, dénen eng besonnesch Bedeitung zoukomme muss. D'Baugesellschaft huet hir Arbecht a voller Eestömmegkét gemaach. An all Patron, Handwierker an Arbechtsleit, déi um Chantier geschafft hun, wore sichtlech bestriewt hirt Béscht ze léschten.

D'Souscription nationale huet den accord vun den héichsten Autoritéiten a vun der Mass vun onse Compatriote fond. An e pur Wochen a bis haut sin fönnef Milliounen zesummekom. An onse Groussherzog selwer huet déi éischt Löscht vun der Subskriptioun mat dem Don vun der Dalle signéiert, wou den Souverain vum Letzeburger Vollek elo gläich d'Gedenkflamme ufénkt. Déi nach benéidegt d'Somme ass vun der Chamber votéiert gin.

Haut, ewou d'Monument inauguréiert gôt, könnt ons Aktivitéit op en Enn. Mir si frou, well de grouse Wonsch vun de Resistenzler an den Enrôlés de Force an Erföllung gaangen ass. Mir hoffen, dat déi geléschten Arbecht positiv opgeholl gôt. An onse Reihen, wou d'Resistenzler an d'Enrôlés de Force a voller Unanimitéit geschafft hun, ass déi Solidaritéit, déi während dem Zwéte Weltkrich hei am Land wor, nés opgeliewt. D'Monument, dat d'Solidaritéit vum Letzeburger Vollek am Zwéte Weltkrich ratifizéiert, ass aus dem solidarischen Zesummenstoan entstaanen.

Zum Ofschloss bieden ech am Numm vu menge 14 Kollégen, déi héich Autoritéiten, déi hei versammelt sin, d'Monument elo aus onsen Hänn ze iwerhuelen an et, esou wéi d'Statu-

ten daat viergesin, iwergoen ze loosse an de Besözt vun eiser nationaler Solidaritéit.»

No dem Här Petit, war et den Här Staatsminister Werner, dén déi hei Usproch gehaale huet:

Altesses Royales,  
Excellences,  
Mesdames, Messieurs,

Léif Letzeburger,

Alles daat, waat d'Letzeburger an de Joeren 1940 bis 45 erliewt hun, huet d'Vollek a senger Séil déif getraff. Et gouf wuel keng Périod an der Geschicht vum neizeitlechen Grand-Duché, wou d'Letzeburger als Vollek an och den énzelen als Bierger, esou op sech selwer gestallt wooren an domat och den Drock, d'Nout an d'Gewössenszweiwel esou hautno empfongt hun, wéi an der Besatzungszeit. Et ass och aussergewéinlech, wéi baal gleichméisseg Al a Jonk, Männer a Fraen, all Stenn a Beruffer, Arem a Reich, viru firchterlech Entschédongen gestallt gouwen, hir moralesch Résistenz hu missen erprouwen, Léd an Affer hu missen droen. An dem Sönn huet de Krich mat sengen Misèren alles gleich gemaach.

Gewöss, net jidferen huet op déi nämlechte Manéier réagéiert. Et gouf eng grouss Gamm vun Haltongen, déi der Mannegfaltegkét vun Liewen, vun de Charakteren, vun de Situatiounen entsprach hun. Et gouf esouguer énzelt Félhtrett an Défaillancen.

D'Grondhaltung vun de Letzeburger woor déi hai: Aktiv a passiv Oflénong vun der friemer Oennerdréckung;

Festhaalen un de nationale Wërter;

Mönschlech Solidaritéit am Affer an an der Nout.

Daat schéngen ganz einfach, baal banal Affirmatiounen, déi ower hir Originalitéit an hir dramatesch Bedeitung duerch d'historesch émoleg Situatioun kruten. Et ass schon esou, dat an den decisiven Momenter vun onsem Handeln, a besonnesch wann et öm Dout oder Liewe gét, déi einfach mönschlech Qualitéiten an Dugenden hire Profil an hir Réalitéit erömfannen.

Dest Zesummenstoan vun de Letzeburger, des Manifestatioun vum nationalen Liewenswollen, daat ass d'Bedeitung vun desem Monument. Op der Journée de la Commémoration Nationale könne mer dest égewellegt Bauwierk senger Bestömmung iwergin. Ech nennen et égewelleg, well déi immens mönschlech a national Bedeitung vun deser Commémoratioun hiren Ausdrock huet misse fannen an enger Architektur, an engem Décor, déi esouwuel der Dramatik vum Sujet, wéi och enger moderner Opfaabong vun esou enger Gedenkplaz gerecht gin. A senger Gestaltong riff et an Erönnong d'Oppressioun vun de Nazi-Prisongs- a Kasärenhäff, d'Härt vum Liewen an de Laageren a Stoppen. Alles daat fönt seng Erléisong an dem

waarmen Glönnere vun den faarwechen Fensteren an der Graawkapell. D'Flaam brennt virun der Entrée als en éiweg Gedenken un déi, déi den Affer vun hirem Liewe bruecht hun.

Mä op dösem Hiwel stét net nömme en nationale Monument aux Morts. Et ass och e Monument fir déi Lieweg, déi a grousser Nout eng gruet Haltong haaten an hirem Gewössen trei bliewe sin. Et emfaaft en engem énzege nationale Gedanken all Affer, déi d'Letzeburger an der Résistenz, bei hirer Zwangsrekrutierong, net zulescht bei hirem Asaats an den alliierten Arméien, an och nach önnner aaneren Emstänn bruecht hun. An d'fir soll et och e Monument vun der nationaler Enekgét durstellen.

Gewönscht a patronéiert duerch déi grouss nationale Organisatiounen vun der Résistenz a vun den Zwangsrekrutierten, entstaanen dank de Contributiounen vun dausende vu Letzeburger, setzt et de Schlusstrech önnner eng grouss Seit vun onser Geschicht, déi hiren Ufank mat dem historeschen Nén fond huet, déi d'Groussherzogin Charlotte der Tyrannei entgéint gesaat huet.

Altesses Royales,

En allumant tout à l'heure la flamme qui doit perpétuer le souvenir des morts et des sacrifices de la dernière guerre mondiale, le Chef de l'Etat consacra un haut lieu de la conscience nationale et de l'unité des Luxembourgeois. L'hommage que Vos Altesses Royales rendent à la fidélité, à l'esprit de solidarité et de sacrifice des Luxembourgeois pendant l'occupation rappellera aux générations futures l'affirmation à la fois tranquille et héroïque du refus de toute tyrannie extérieure. En S'associant à l'érection et à la consécration du Monument National,

Vos Altesses Royales réaffirment l'intégration si profonde de la Dynastie dans le corps national.

Je voudrais remercier tout particulièrement de leur présence à cette cérémonie les représentants diplomatiques résidant à Luxembourg. L'hommage qu'ils rendent de cette façon à l'idée qui a inspiré ce monument national ne manque pas de toucher le coeur de notre peuple.

Je remercie également les autorités civiles et religieuses, les représentants de la Ville de Luxembourg et des autres Communes du pays ainsi que les nombreuses délégations de fédérations et d'associations nationales qui se sont joints à cette cérémonie.

Je voudrais souligner les mérites de l'Association pour la création du Monument National et remercier les membres de son comité de leur dévouement et de leur collaboration empressée. En leur nom M. le Conseiller Joseph Petit vient de présenter le Monument achevé aux autorités et au peuple luxembourgeois. Je tiens à relever les qualités de goût et de persévérance que M. Petit a apportées à cette tâche délicate. Choisi par un jury ayant décerné le premier prix à MM. François Gillen et René Mailliet, la conception de ce mémorial s'écarte du triomphalisme des stèles monumentales pour accuser l'aspect symbolique et existentiel des nouvelles formes d'architecture. De la flamme sacrée au flamboiement libérateur de la chapelle des morts, le Monument proclame l'angoisse et la claustration des persécutions de l'occupation, mais aussi l'apaisement final. Je rends hommage à MM. Gillen et Mailliet ainsi qu'à tous ceux, membres du jury, entrepreneurs et ouvriers, qui ont collaboré à la réalisation de l'oeuvre. L'Association a trouvé un appui



D'Verrieder vun den  
dräi Konfessio'nen  
ruffen de Segen  
vum Hergott iwert  
de Monument  
National



particulier de la part de M. Constant Gillardin, Directeur de l'Administration des Bâtiments Publics et des différentes services de la Ville de Luxembourg.

Désormais, couronnant la citadelle de l'ancienne forteresse de Luxembourg, le Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise clamera au monde le droit à la vie et la volonté de paix du peuple luxembourgeois.»

Iwerdém dun d'Kierchechëier vun der Kathedral a vun Esch-Uelzecht zesummen de «Veni Creator» vum L. van Beethoven gesongen hun, sin de Mgr. Jean Hengen, Beschof vu Letzeburg, den Här Grouss-Rabbiner an de protestantesche Paschtouer virun d'Monument gaangen, fir et anzesénen. Hei dem Mgr. Hengen seng kuerz Gedenkusprooch:

«Esou, wéi den 10. Oktober 1666, d'Letzeburger zesummestongen an hiner Liewt zur Muttergottes, esou wéi si virun 30 Joer, den 10. Okt. 1941, solidaresch woren an hiner Trei zur Hémecht, esou wölle mir haut, den 10. Oktober 1971 ons d'Hand réchen mat Toleranz a Respekt an am Géischt vun der Solidaritéit, vun dèr dest Monument en Zéchen ass. Et soll awer och e Merci sin un all déi, déi an déne schweii-

ere Krichsjoeren batteres gelidden hun, daks bis an den Doud eran, mais déi et gedroen hun a gesturwe sin mam déiwe Wonsch no enger fräier, éneger a glectlecher Hémecht. Fir si a fir ons all bieden ech elo mat mengen jude-schen an protestantesche Matbridder den Psalm «De profundis», den Psalm vu Léd a vun Vertrauen an Erléisung, a ruffen domat de Ségen an d'Gnod vum Herrgott iwert dest Monument an iwer d'ganz Hémecht eroof.

«Des profondeurs je crie vers toi Seigneur; Seigneur écoute mon appel.

Que ton oreille se fasse attentive au cri de ma prière.


Si tu retiens mes fautes Seigneur, Seigneur qui donc subsistera?

Mais près de toi se trouve le patron, je crain et j'espère.

Mon âme attend Seigneur, je suis sûr de ta parole.

Mon âme attend plus sûrement le Seigneur, -----»

No deser Cérémonie sin de Groussherzog an Groussherzogin virun de Monument National gaangen an



de Grand-Duc huet d'Flamme du Souvenir ugefaangen.

Gläich uschléissend huet Hien, iwerdém d'Militärmusek d'Sonnerie Nationale gespilt huet, e Kranz virun der Gedenkflaam néiergeluecht. Iwerdém Hir Kiniklech Altessen an d'Monument eragongen, fir de Livre

d'or ze signéieren, hun hirersäits Kränz néiergeluecht: De President vun der Chamber des Députés, de President vun der Regierung, de President vum Conseil d'Etat, d'Buergerméschtesch vun der Staats Letzeburg, de President vun dem




Conseil National de la Résistance, de President vun der Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force, de President vun der Association des Anciens Combattants luxembourgeois de la guerre 1939-1945 et des Nations Unies an de President vun der Association pour la Construction du Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise pendant la 2ème guerre mondiale.

Iwerdém d'Blumen néiergeluecht gouwen hun d'Choralen «Justorum Animae» vum A. Sallieri gesongen. Duerno gouwen d'Lidder «Patriae Fideles» vum Louis Petit an «Fir d'Fréihét» vum Henri Pensis vun der Militärmusek an déne béide Chéier ausgefouert. Zum Oofschloss vun dèr ergräifender Feier gouw «d'Uelzecht» gespilt a vun déne villen Dausenden, déi un der Inauguratioun vum Monument National délgéhol hun, matgesongen.

Bis spéit an den Owend eran sin dun d'Leit, d'Letzeburger Volek, a laanger Schlaang de Paat erob an d'Monument gaangen an hun esou den éischte Kontakt mat hirem Monument geholl.

s.n.



## Déi aal „Pinne a Janowitzer“

D'Enrôlés de Force, déi 1944 an den RAD-Lager Pinne a Janowitz z'reck gehaale gi waren - Letzeburg wor zu dem Zäitpunkt schon liberéiert, an d'Preisen hun dun kén vun all déne Letzeburger, déi démols nach am «Reich» woren, hémgoe geloos, -sie hâte sech dest Joer rendez-vous gin zu Köntzeg. No enger Mass an der Kirech vu Recken un der Mess, zelebriert vun hirem Komerod, dem Abbé Gevigne, gongen se Blumen néierléhen bei de Monument aux Morts zu Köntzeg. Uschléissend gouwen se op der Märei vun do empfangen. Mötteg hun déi aal «Pinne a Janowitzer» am Café Schmitz-Scheidsch gemaach, wou Geléenhét gebuede wor, aal Erönnrungen auszetauschen oder och rézent Evenementer ze kommentéieren.

## Schifflange

Im Rahmen einer patriotischen Feierstunde, die am 9. Oktober 1971 im Gemeindegebäude der Stadt Schifflingen stattfand, wurden 28 Luxemburger Patrioten mit der «Médaille de la Reconnaissance» ausgezeichnet. In seiner Ansprache erklärte Jean Bisdorff, Präsident der Schifflinger Sektion der Zwangsrukrutierten Sinn und Zweck der hohen Auszeichnung und dankte allen Ausgezeichneten für ihre Dienste, welche sie zum Wohle der damaligen, schwergeprüften Jugend leisteten. Von den Schifflinger Zwangsrekrutierten eigens angefertigte Plaketten mit der Aufschrift: «Ons Jongen hun hirt Liewe laang lech nôt vergiess», wurden den einstigen Helfern in grosser Not bei dieser Gelegenheit übergeben. Damit möchten die Schifflinger «Jongen» ihre Dankbarkeit gegenüber den Ausgezeichneten besonders hervorheben.



## Der Kieler Häftlingsmordprozess

Zwei der Mittäterschaft Angeklagte am Mord einer Anzahl luxemburgischen Zwangsrekrutierten im Zuchthaus Sonnenburg freigesprochen.

Nach sechsmonatiger Verhandlungsdauer endete vor dem Kieler Schwurgericht ein Prozeß der auch in Luxemburg etwas Aufmerksamkeit verdient hätte. Es war dies der siebente von insgesamt 20 Prozessen, die in Schleswig-Holstein noch gegen ehemalige Angehörige national-sozialistischer Organisationen anhängig sind. Angeklagt waren der 67 Jahre alte ehemalige SS-Obersturmbannführer Heinz **Richter** aus **Kiel** und der 56jährige SS-Hauptsturmführer **Wilhelm Nickel** aus **Nenndorf** (Kreis Harburg). **Richter**, der bis zu seiner Verhaftung 1962 als Dezernent in einer Abteilung des Versorgungsamtes Kiel tätig war, stand schon zum 2. Male vor dem Kieler Schwurgericht. Bereits am 11. April 1969 war er wegen Beihilfe am Mord von wenigstens 1500 Juden in Mogilew (Weissrußland) im Jahre 1942 zu einer Zuchthausstrafe von sieben Jahren verurteilt worden. Diese Morde geschahen im Rahmen der Vernichtungsaktionen des Einsatzkommandos 8. **Nickel** seinerseits arbeitete als Prokurist. Die beiden waren angeklagt «**Himmler** und anderen Mittätern bei der heimtückisch begangenen Tötung von mindestens 600 Menschen durch die Tat wesentlich Hilfe geleistet zu haben.» Den Vorsitz über das Schwurgericht führte Landgerichtsdirektor **Hans Eckardt**. Die Staatsanwaltschaft war vertreten durch Staatsanwalt **Gersonde** und Assessor **Sinnhuber**. Die Angeklagten wurden von je zwei Rechtsanwälten verteidigt.

Kommen wir kurz auf die Ereignisse im Zuchthaus **Sonnenburg** zurück. Die Unterlagen darüber sind leider lückenhaft, aber in kurzen Zügen spielte sich folgendes ab<sup>1)</sup>. Im Januar 1945 begann die Rote Armee mit ihrer neuen Offensive. Die ersten Erfolge zeichneten sich bald ab und die Straße Posen-Küstrin-Berlin, an der **Sonnenburg** lag, füllte sich bald mit Flüchtlingen aller Art. Zu dieser Zeit war das Zuchthaus sowohl mit Kriminellen und Politischen als auch mit Wehrmachtshäftlingen belegt. Unter letzteren befanden sich auch eine Reihe Luxemburger. Die genaue Zahl ist unbekannt. Am 29. Januar rüstete man auch im Zuchthaus zum Aufbruch und der Anstaltsvorsteher befahl das ganze Zuchthaus zu evakuieren. Jedoch am anderen Tag wurde die Aktion abgeblasen. Was war geschehen? Vom Reichsjustizministerium erging an Zuchthausdirektor **Knops** der Befehl die «gefährlichen» Häftlingen der Gestapo zu übergeben. Zur gleichen Zeit kam aus dem

Reichssicherheitshauptamt die Order an die Gestapostelle Frankfurt/Oder, die zu übernehmenden Häftlinge des Zuchthaus **Sonnenburg** zu erschiessen. Zu diesem Zwecke traf gegen acht Uhr abends ein 20-köpfiges SS-Kommando in der Anstalt ein. Die zwei kommandierenden Offiziere begaben sich zum Anstaltsleiter. Nachdem noch leitende Anstaltsbeamte hinzugezogen worden waren, begann die Aussonderung. Etwa 120-150 Mann wurden zum Abtransport bestimmt u. sofort von ihren Leidensgefährten getrennt untergebracht. Ab 22 Uhr wurden die übrigen von den Wächtern in Gruppen zu 10 aus den Zellen genommen und im Wirtschaftshof dem Kommando übergeben, und dort sofort durch Genickschuß umbrachte. Ein besonderes Gefangenekommando von etwa 24 Mann trug danach die Leichen der Ermordeten auf einen Haufen zusammen. Die Hinrichtung dauerte bis gegen 1 Uhr morgens. Die Ausgesonderten zogen mit ihren Bewachern und deren Familien ins Innere Deutschlands, wo sie, bis zu ihrer Befreiung durch die Alliierten in verschiedenen Anstalten untergebracht wurden. Als am 2. Februar die Vorhuten der Roten Armee in **Sonnenburg** einrückten fanden sie 819 Leichen und 6 Ueberlebende vor.

Welche Rolle spielten nun die beiden Angeklagten in diesen Ereignissen? SS-Obersturmbannführer **Heinz Richter** war Gestapochef in Frankfurt/Oder und als solcher hat er den Exekutionsbefehl an SS-Hauptsturmführer **Wilhelm Nickel** weitergeben, welcher das Erschiessungskommando befehligte.

Zur ihrer Verteidigung führten die Angeklagten an, daß sie dem Befehl zur Exekution nur widerwillig nachgekommen seien. Weiter hielt **Nickel** die Sache für «unmoralisch, aber mit dem Kriebsrecht vereinbar», weil die Insassen des Zuchthaus im Falle ihrer Freilassung «eine Gefahr für die Bevölkerung» bedeuteten hätten. Die Staatsanwaltschaft beantragte 6 Jahre Freiheitsentzug für **Richter** und 5 für **Nickel**. Die Verteidigung dagegen plädierte auf Freispruch. Dem gab das Schwurgericht nach und es sprach die beiden Angeklagten frei<sup>2)</sup>.

In der Urteilsbegründung führte Landgerichtsdirektor **Dr. Hans Eckardt** aus: «Der Freispruch wird für die Öffentlichkeit nur verständlich, wenn dargelegt wird, vor welchen Schwierigkeiten das Gericht stand, um die wahren Vor-

<sup>2)</sup> Zum besseren Verständnis der weiteren Ausführung folgen hier die einschlägigen Texte des deutschen Strafgesetzbuches:

§ 211 (2) Mörder ist, wer aus Mordlust, zur Befriedigung des Geschlechtstriebes, aus Habgier oder sonst aus niedrigen Beweggründen, heimtückisch oder grausam oder mit gemeingefährlichen Mitteln oder um eine andere Straftat zu ermöglichen oder zu verdecken, einen Menschen tötet.

«§ 49: Als Gehilfe wird bestraft, wer dem Täter zur Begehung einer als Verbrechen mit Strafe bedrohten Handlung durch Rat oder Tat wesentlich Hilfe geleistet hat.»

<sup>1)</sup> Siehe auch «Les Sacrifiés» Nr. 3-4 März-April 1962 und Nr. 6, Juni 1970.

gänge im Zuchthaus **Sonnenburg** zu klären.» Nur lückenhaft ist das Material, das über die letzten Januartage 1945 in **Sonnenburg** zur Verfügung steht. Urkunden sind nicht vorhanden, auch der Tötungsbefehl, in dem die Exekution der Zuchthausinsassen angeordnet wurde, liegt ebenfalls nicht vor. Dazu hat die Beweiskraft der Zeugenaussagen nach 26 Jahren erheblich abgenommen. Der Hauptteil der Zeugen ist heute zwischen 60 und 70 Jahre alt. Ihr Erinnerungsvermögen hat nachgelassen und möglicherweise spielt auch die Verdrängung mit.

Das Schwurgericht hatte zu prüfen ob die Angeklagten Mörder oder Gehilfen der Haupttäter gewesen sind. Wenn die Voraussetzungen für diese Tatbestandsmerkmale nicht vorliegen, dann konnte das Ergebnis nach der Beweisaufnahme nicht Einstellung des Verfahrens sein, sondern dann mußte das Urteil auf Freispruch lauten. **Richter** und **Nickel** sind dem erteilten Befehl zur Exekution der Häftlinge nur widerwillig nachgekommen. Haupttäter sind sie nicht gewesen. Wer aber waren der oder die Haupttäter? Dieses nachzuweisen sah sich das Gericht außerstande. War es Reichsführer -SS **Himmler** oder Reichsjustizminister **Thierack**, war es der amtierende Generalstaatsanwalt **Hanssen** oder der Reichsverteidigungskommissar? Selbst wenn es einer von ihnen war, so ist nicht mit Sicherheit zu beweisen, daß sie objektiv die Tatbestandsmerkmale des Mordes erfüllt hätten. Wohl war die Exekution in **Sonnenburg** heimtückisch erfolgt. Aber möglicherweise hat sich der Haupttäter bei der Erteilung des Exekutionsbefehls über die spätere (heimtückische) Ausführung keine Gedanken gemacht. Auch **Himmler** konnte nicht wissen, daß sein Befehl, sollte er ihn angeordnet haben, heimtückisch ausgeführt werden würde.

Wenn es nicht einmal feststeht, wer der Haupttäter in dem grausigen Geschehen war u. dazu auch nicht nachzuweisen ist, daß der unbekannt Haupttäter objektiv Mord beging, dann kann auch niemand wegen Beihilfe zum Mord verurteilt werden. Also: Freispruch!

Bei der Urteilsverkündung waren auch Generalstaatsanwalt **Dr. Nehm** (Schleswig), Leiter der Oberstaatsanwalt **Albrecht** und Oberstaatsanwalt **Bauer** anwesend. Im übrigen saßen nur vier interessierte Zuhörer auf den Bänken des Gerichtssaales....

«Angesichts der Massengräber von **Sonnenburg** mag diese Entscheidung des Schwurgerichts schwer verständlich sein» so Landgerichtsdirektor **Eckardt**. Diese Entscheidung ist nicht nur schwer verständlich, sie ist einfach unverständlich. Die meisten Namen der **Sonnenburger** Opfer sind unbekannt. Niemand weiß was die Gefangenen durchgemacht haben. Die faschistische Menschenvernichtung hat Menschen wie Namen ausgelöscht. Die Toten können nicht mehr die Bestrafung der Mörder verlangen. Diese Rolle ist den Lebenden gegeben. Gerade jetzt wo wir in Luxemburg das Monument de la Solidarité Nationale einweihen, sol-

len wir uns daran erinnern. Besonders angesichts der Versuche, die Mörder mit juristischen Spitzfindigkeiten reinzuwaschen. Tatsächlich verhält es sich so, daß dieses Urteil und seine Begründung dazu angetan sind, Massenmorde nachträglich zu rehabilitieren.

So konnte **Himmler** nicht wissen, «daß sein Befehl, sollte er ihn angeordnet haben, heimtückisch ausgeführt werden würde. «Würde diese Art «Rechtsprechung» (sie ist leider nicht einmalig) in der Bundesrepublik zur allgemeinen Richtlinie werden, so müßte der Eindruck entstehen, daß ein Befehl zur Liquidierung der Insassen einer Haftanstalt Rechtens sei. Man dürfte nicht einmal von Mord sprechen, da ja die objektiven Tatbestandsmerkmale nicht gegeben sind, wenn man den zu Ermordenden vorher nur sagt :Du wirst jetzt erschossen . . . Selbst die «Haupttäter» sind vom Mord freizusprechen, wenn sie nicht ausdrücklich eine «heimtückische Durchführung» angeordnet haben.» (VVN) Mit dieser Begründung könnten auch ein **Himmler** und ein **Eichmann** heute unangefochten unter uns leben.

Dazu wurde den beiden Freigesprochenen auch noch «moralische» Tröstung zuteil. «**Richter** und **Nickel** sind dem erteilten Befehl zur Exekution der Häftlinge nur widerwillig nachgekommen.» (Eckhardt). In **Kiel** scheint man noch nicht von der persönlichen Verantwortung bei der Ausführung verbrecherischer Befehle gehört zu haben, wie sie vom Internationalen Militär-Tribunal in Nürnberg festgehalten wurde. (Artikel 8 des Londoner-Abkommens vom 8.8.1945). Aber für die **Richter** gab es keinen Mord; 819 Leichname wurden einfach ignoriert.

Interessant sind auch die Argumente der Verteidigung, wie sie die Exekutionen zu rechtfertigen versuchte. Ihre Ueberlegungen hätten ihren nationalsozialistischen Vorgängern bestimmt Ehre gemacht. So Rechtsanwalt **Hebberling**: Eine Freilassung der Gefangenen in der damaligen Situation sei indiskutabel gewesen. Sie, unter denen sich eine große Anzahl «echter Kriminelle» befanden, hätten eine Gefahr für die Bevölkerung und die Sicherheit des Reiches dargestellt. Weiter ging der Rechtsanwalt davon aus, daß es schlechthin keinen Staat gebe, der nicht gegen das Recht auf Leben und Freiheit fortlaufend verstoßen habe und noch dagegen verstöße. Schließlich machte die Verteidigung dann noch folgendes «Kompliment» an die Adresse des Gerichts, daß «keiner, der hier im Gerichtssaal sitzt, unter den damaligen Verhältnissen anders gehandelt hätte.»

Endlich kommt noch hinzu, daß auch Staatsanwalt **Sinnhuber** glaubte sich noch vor die Täter stellen zu müssen und so Äußerungen fallen ließ, mit denen generell einen Freispruch von NS-Mördern Vorschub geleistet wird. Zu «Sinn und Zweck» von NS-Verfahren in der heutigen Zeit meinte der Staatsanwalt: «Stunden nur formal-juristische Gründe oder Rachedenken im Vordergrund, so müßten Zweifel und Be-



